ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mee2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiounsminister weiderzeleeden.

Op ville Plazen ass am Abléck eng Reklammscampagne vum ëffentlech-rechtleche Radio 100Komma7 ze gesinn. An där Campagne gëtt och mat de Porträte vun zwee aktive Majoritéitspolitiker geschafft. Dës Initiative vun engem Pressorgan, daat u Prinzipiën wéi de Respekt vum politesche Pluralismus gebonnen ass, an, wann et d'Vertraue vu senge Nolauschterer net wëll verléieren, och eng gewësse Neutralitéit an Objektivitéit muss fleegen, féiert mech dozou, dem Här Kommunikatiounsminister dës Froën ze stellen:

1. Ass den Här Kommunikatiounsminister der Meenung, datt en ëffentlech-rechtlecht Pressorgan zu gréisster politescher Objektivitéit an Ausgewogenheet verflicht ass, an daat esou wuel a senger Berichterstattung wéi och an deem Bild, dat et an der Ëffentlechkeet weist?
2. Gesäit den Här Kommunikatiounsminister an där aktueller Plakatkampagne vum 100Komma7, déi mat de Photoe vun zwee aktive Politiker aus der Majoritéit operéiert, dee Prinzip respektéiert? Besteet net de Risiko, datt mat esou Kampagnen éichter Reklamm fir verschidde Politiker gemaach gëtt, wéi fir de sozio-kulturelle Radio?
3. Gedenkt den Här Kommunikatiounsminister, bei der Direktioun vum Radio 100Komma7 ze intervenéieren, z.B. iwwer de Regierungscommissaire bei dem Radio, fir datt dat Pressorgan de Prinzip vun der politescher Ausgewogenheet och a senge Reklammskampagne respektéiert?
4. Wär der Regierung hir Positioun an där Fro déi selwecht oder aanecht, wann esou eng Plakatkampagne och nach géng zäitlech an eng Wahlkampagne falen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten